N°1480
Entrée le 09.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°1480 vum 7. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen.**

Den honorablen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Zebrasträifen an hiren Entretien.

Als éischt géif ech gären drop opmierksam maachen, dass ee bei der Zoustännegkeet vun den Zebrasträifen am Prinzip tëscht ausseruerts an inneruerts muss ënnerscheeden. Ausseruerts läit d'Kompetenz béi der Stroossebauverwaltung, inneruerts ass déi jeeweileg Gemeng zoustänneg. Generell ginn Amenagementer fir Staatsstroossen iwwert eng "Permission de voirie" gereegelt. Fir Nationalstroossen ass laut Artikel 5 vum Code de la Route nach zousätzlech een "Accord préalable" néideg.

Am Kompetenzberäich vun der Stroossebauverwaltung existéieren ausseruerts ronn 80 Zebrasträifen. Vill vun dësen Zebrasträifen ginn et schonn zanter ville Joeren a ginn un d'Sécherheetsstandarden vun  haut ugepasst, dëst fir d'Visibilitéit ze verbesseren respektiv duerch Aménagementer ewéi den „Gué pour piétons" méi sécher ze gestalten. Weider Mesure sinn d'Opstelle vu Warnschëlder, zousätzlech Vitesslimitatiounen, konstruktiv Mesurë wéi de Bau vun enger Mëttelinsel oder aner baulech Moossnamen.

Wat d'Beliichtung vun den Zebrasträifen inneruerts ubelaangt esou fällt dës ënnert d'Kompetenz vun den Gemengen woubäi vun enger "Permission de Voirie" déi technesch Krittäre gepréift ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes